E véierel Jorhonnert LSK

„Lëtzebuerger Studenten zu Kaiserslautern“ feieren

Dëse Mount feiert de Cercle „Lëtzebuerger Studenten zu Kaiserslautern“ (LSK) säin 25. Gebuertsdag. Um 26. November 1981 hate sech deemools ronn 20 Lëtzebuerger Studenten um Fouss vum Betzebierg zesummefonnt fir de Club ze grënnen.

Am Laf vun de Joeren hu sech vill verschidde Leit am Comité engagéiert, an de Veräin ass no an no bis op ronn 150 Studente gewuess. De Veräin ass Ulafstell fir nei Studenten, fir se an hiren éischte Schrëtt am Ausland ze begleeden, awer och regelméisseg Sportaktivitéiten op den Terrainë vun der Uni stinn um Programm.

Vill weider gemeinschaftlech Aktivitéite wéi Soiréeë suerge fir déi néideg Ënnerhalung am Studienalldag.

Den LSK informéiert och all Joer zesumme mat Vertrieder vun der Uni op der „Foire de l'Etudiant“ iwwert seng Aktivitéiten. Donieft gëtt nach eng Brochure mat villen nëtzlechen Informatioune fir zukënfteg Studenten an der Pfalzstad publizéiert.

Am Kader vun dësem Gebuertsdag invitéiert de Lauterer Studentenkrees op saï Bal am Atelier dëse Samschdeg, de 4. November, deen ënnert dem Motto „25 Joer LSK“ steet. Donieft ass de 17. November



Fir de Jubiläum *gouf extra e Logo entworf.*

an de Raimlechkeete vum Fritz-Walter-Stadion eng Séance académique, bei där all aktuell a fréier Studente vu Kaiserslautern häerzlech wëllkomm sinn.

An deem Kader steet och nach eng Visite vum Futtballstadion, an deem fënnef WM-Mätcher gespillt goufen, um Programm.

Umelle kann ee sech iwwert déi offiziell Homepage, wou méi genee Informatioune stinn. (C.)

www.25.lsk.lu